PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Ëmweltministesch huet an hirer Fro n°3210 d'Klappjuegd als Fräizäitaktivitéit definéiert a schreift, datt d'Ausübung vun der Juegd am Kader vun eiser Gesellschaft muss anescht encadréiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op meng Fro n°538 iwwert de massiven Ofschoss vu Wëllschwäin hat d'Ministesch nach geäntwert:

   > "D'Klappjuegd ass eng vun de gesetzlech erlaabte Juegdmethoden fir Wëld ze bejoen, déi am Moment am Kader vun enger breeder Diskussioun evaluéiert gëtt."

   Ugesiichts der Tatsaach, datt d'Ministesch d'Klappjuegd elo als Fräizäitaktivitéit definéiert huet an och schreift, datt d'Ausübung vun der Juegd muss recadréiert ginn, wäert si sech dofir asetzen, datt d'Klappjuegten zu Lëtzebuerg wäerte verbuede ginn? Falls jo, wäert dëst nach an dëser Legislaturperiod geschéien?

2. Sinn och Dréckjuegten als Fräizäitaktivitéit ze begräifen an deemno elo am Kader vum neie Covid-Gesetz verbueden?

3. Wann d'Klappjuegd nëmmen eng Fräizäitbeschäftegung ass: wéi eng Krittäre muss dës Fräizäitbeschäftegung erfëllen, fir dass een den Accès vu ganze Grondstécker Bësch dofir späre kann?

4. Wëssend, datt verschidden Déiereschutzorganisatiounen oder Veräiner sécherlech och gären ee Nomëtteg de Bësch fir hier Aktivitéite beusproche wéilten: Fir wéi eng aner Fräizäitaktivitéite kann een de Bësch soss nach späre loossen?

5. No wéi enge Krittäre muss een eng Fräizäitbeschäftegung, wéi d'Klappjuegd, signaliséiert, bzw. ausgeschëldert ginn?

6. Wéi ginn Schoulklassen oder Veräiner, déi an de Bësch ginn, am Viraus virun enger Klappjuegd gewarnt? (Nieft den eventuellen Krittäre vum Ausschëlderen aus der viregter Fro)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député